

## Changement bei den Dammen vum Handball Bieles

An der Dammen-Equipe vum Handball Bieles kennt et fir déi kommend Saison zu gréissere Changementer. Sou waerten d’Laura, d’Lily an de Laurent Melchior leider déi kommend Saison net méi an de Faarwen vum Handball Bieles um Terrain stoen. Doriwwer hunn si an de leschten Deeg a Stonnen de Comité an d’Dammenequipe informéiert.

D’Laura an d’Lily déi zënter dëser Saison beim HBB waren an sech gutt an eis Equipe ageliewt haten, waerten deemno zesumme mat hierem Papp Laurent, dee säit zwee Joer d’Dammen trainéiert huet, e neien Challenge an engem aanere Club untrieden. Dës Entscheidung hunn si dem HBB matgedeelt. Heibäi handelt et sech awer op kee Fall em eng Trennung aus engem negativen Grond, mä deenen dräi gouf eng Propose vun engem aanere Veräin ugebueden, déi si sech entscheed hunn unzetrieden.

Hei zou de President vum HBB, Jérôme Ewen: *„Ech kann dës Entscheidung spillerech gesinn natierlech verstoen, och wann ech net verstoppe kann, dass d’Enttäuschung natierlech ganz grouss ass.“*

Dës Entscheidung trifft eis Dammenequipe, déi an engem kontinuéierleche Verbesserungsprozess war, natierlech schwéier, verléiere si lo onerwaart mateneen zwou staark Spillerinnen an hieren Trainer. Dëst bedeit awer definitiv net den Enn vun der Dammenequipe vum Handball Bieles. D’Motivatioun vun de Spillerinnen ass weiderhin héich an si waerten zesumme mam Comité Léisunge sichen, fir och an der neier Saison an der Axa League unzetrieden. *„Mir haate scho méi wéi eng schwierig Situatioun als Club, sou dass mer och dëst zesummen iwwerstoen waerten. Et ass dat wat eis als HBB auszeechent, den Zesammenhalt och a schwéiere Momenter“*, sou de Jérôme Ewen. Dofir wäert den HBB elo alles dru setzen, fir e neien Trainer fir d’Dammenequipe ze fannen an och spillerech nach Verstärkung an d’Equipe ze kréien.

Och wa mir wierklech traureg iwwert dës Schrëtt sinn, sou wënsche mir deenen 3 vill Gléck a Freed an hierer neier Etape; dat schéint um Handball ass, dass ee sech jo nach oft gesait.

*Eemol Bieles, ëmmer Bieles.*